


En partenariat avec




WAASSERFUERSCHER FIR EEN DAG!

Waasser ass allgéigewäerteg: Mir drénken et, mir wäschen eis domadder, et reent op eis erof oder et fléisst als Bach oder Floss laanscht eis.

Waasser ass Liewen! Dëse Sproch kann een och bei engem Weier ouni Weideres erliewen.

Mir kucken eis mol déi stoend Gewässer un: E Weier, en Dëmpel oder e Séi fënnt een iwwerall – och bestëmmt an ärer Géigend –, a si si Liewensraum fir vill interessant Déieren a Planzen.



WAASSEREXPERIMENT

Wéi mécht et z. B. de Waasserleefer mat senger laange Been, dass hien iwwert d'Waasser lafe kann?

Dir braucht:
2 kleng Schosselen
Kichepabeier
2 Bürosklameren aus Metall
Waasser
Spullmëttel



A LASS!

Fëllt zwou Schossele mat Waasser. Gitt eng Drëps Spullmëttel an déi zweet Schossel a réiert gutt. Maacht duerno eng Bürosklamer op e klengt Stéck Kichepabeier a leet et ganz virsiichteg op d'Waasser an der éischter Schossel. Dat selwecht maacht dir mat der anerer Bürosklamer an der zweeter Schossel. Kuckt gutt, wat an deenen zwou Schossele geschitt.

An der éischter Schossel mam Waasser fält de Pabeier no enger Zäit no ënnen an d'Schossel an d'Bürosklamer schwëmmt uewen um Waasser. D'Klamer läit op der Waasserhaut an dréckt se e wéineg an. An der zweeter Schossel mam Spullmëttel geet de Pabeier mat der Bürosklamer ënner.

WAT ASS GESCHITT?

De Pabeier geet ënner, well e sech mat Waasser vollgesuckelt huet. D'Metall, wat jo méi schwéier ass, schwëmmt awer uewen drop, well et vun der Waasserhaut gedroe gëtt – selwecht wéi de Waasserleefer. Dës Haut billt sech, well sech déi winzeg kleng Waasserdeeler op der Uewerfläch géigesäiteg unzéien. Dës Waasserhaut gëtt duerch Seef oder Spullmëttel zerstéiert.

TIPP:

Beobacht de Waasserleefer op engem Weier. Da gesitt dir, wéi seng laang Been d'Waasseruwerfläch (= Waasserhaut) e bëssen andrécken.



Wann dir méi iwwert de Weier a seng Bewunner wëllt gewuer ginn, da besuergt iech dës flott Broschür iwwert de Weier mat Bastelsaachen, Rätsele a villen Informatiounen, wat ee beim Weier alles maache kann.

Dir kënnt d'Broschür am Haus vun der Natur bestellen:

natur&ëmwelt a.s.b.l.
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel. 29 04 04-1
secretariat@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu